NATIONAL - CHAOS COMPUTER CLUB LËTZEBUERG

# Eng geplangten Chat-Kontroll vun der EU-Kommissioun?

RTL | Update: 16.05.2022 09:14



*© RTL Archiv*

**Déi geplangten Chat-Kontroll soll dem Kampf géint Kannermëssbrauch déngen, ma de Chaos Computer Club warnt virun dësem Schratt.**

Et wier awer en immensen Aschnëtt an d'Privatsphär vu jidderengem, sou de Club an engem Communiqué.

Privat Messagen op Facebook, WhatsApp oder Instagram solle reegelméisseg automatesch op kannerpornografescht Material kontrolléiert ginn.

Bis ewell wier awer net kloer, wien dës Erkennungsalgorithmen an Datebanken definéiert a kontrolléiere wäert, sou heescht et am Schreiwes.